CSV BIISSEN

Um Mëttwoch, 5. Januar 2022, war ëm 17:30 Auer eng ëffentlech Gemengerotssitzung, wou d'Ofstëmmung iwwer de Budget 2022 am Mëttelpunkt vun den Diskussioune stoung. Bis op de rektifizéierte Budget fir den Exercice 2021 goufen all Punkten eestëmmeg gestëmmt.

## 1) Allocation d'un subside extraordinaire aux victimes des inondations de juillet 2021

No de schlëmmen Iwwerschwemmungen am Juli 2021 iwwerweist d'Biisser Gemeng de Gemengen Iechternach a Rouspert-Mompech jeeweils 2.500 Euro als ausseruerdentleche Subsid. Op Nofro huet de Buergermeeschter informéiert, datt aus de Reie vun de Biisser Awunner keng Ufro fir eng finanziell Ënnerstëtzung koum. Op Ureegung vun der CSV-Fraktioun wäert dat nach ëmmer gülteg Gemengereglement zu de Subside fir de Kaf vun Héichwaasserschutzequipementer an engem nächste Gemengebuet publizéiert ginn.

## 2) Désignation de délégués aux transports publics

De Buergermeeschter gëtt Delegéierte fir den ëffentlechen Transport vun der Biisser Gemeng, eise Conseiller Carlo Mulbach säi Suppleant. D'Aufgab vum Delegué ass et, fir d'Kommunikatioun tëschent der Gemeng an der neigeschafener « Administration des transports publics » ze assuréieren a fir d'Awunner iwwer d'Offer vum ëffentlechen Transport ze informéieren.

## 3) Approbation d'un contrat de bail

D'Gemeng verlount eng kleng Parzell vun 22 Zentiar an der Cité Albert Raths un den Här Patrick Morim. Déi järlech Pacht beleeft sech op 5 Euro.

## 4) Exercice d'un droit de préemption

D'Gemeng verzicht op säi Virkafsrecht op en 4,20 Ar grousse Bauterrain an der Rue des Forges.

## 5) Approbation de plusieurs contrats de travail

Den Aarbechtsvertrag mat der Madame Manon Minden gëtt provisoresch op 4 Stonnen tëschent dem 1. November 2021 an dem 15. Juli 2022 eropgesat.

Zënter dem 1. August 2020 ass den Här Ken Risch definitiv als Gemengenaarbechter agestallt.

### 6) Approbation de plusieurs actes notariés

D'Creos verzicht op eng Servitude aus dem Joer 1973 am ZAC An der Seif, vu datt déi fréier Héichspannungsleitung Richtung Luxwire net méi existéiert.

D'Madame Clare Bugeja Gafa keeft nieft hirem Haus an der Rue Martin Greisch eng 23 Zentiar grouss Parzell fir de Gesamtpräis vun 17.020 Euro.

D'Société nationale des habitations à bon marché (SNHBM) kritt vun der Gemeng en Droit d'emphytéose fir 99 Joer op verschiddenen Terrains am Lotissement « An der Bléi » (Rue du Parc) a baut op dësen Terrains Jumelé-Haiser an Appartementshaiser. Pro Logement kritt d'Gemeng all Joer eng Redevance vun 100 Euro (de Präis ass indexéiert).

D'Gemeng keeft vun der Madame Carmen Scholler 4 landwirtschaftlech Terrains um Hielenter (am Volleksmond um Jixenhaff genannt) fir e Gesamtpräis vu 572.700 Euro. Dësen Terrain ass néideg fir de Bau vum neie Waasserbasséng um Wobierg.

### 7) Approbation du budget rectifié 2021

De rektifizéierte Budget fir dat vergaangent Joer 2021 schléisst mat dësen Zuelen of.

| | |
|---|---:|
| Boni de l'exercice 2020 | 4.890.839,48 |
| Recettes ordinaires | 14.503.259,12 |
| Dépenses ordinaires | 12.062.433,21 |
| Boni ordinaire | 2.440.825,91 |
| Recettes extraordinaires | 17.711.046,41 |
| Dépenses extraordinaires | 18.200.596,53 |
| Mali extraordinaire | -489.550,12 |
| Boni de l'exercice 2021 | 1.951.275,79 |
| Boni général à la fin de l'exercice 2021 | 6.842.115,27 |

Am Joer 2021 gouf et viraussiichtlech dës ausseruerdentlech Ausgaben.

| | |
|---|---:|
| Kaf vu Gebaier an der Grand-Rue | 4.225.000,00 |
| Kaf vun Terrains | 3.308.000,00 |
| Lotissement An der Bléi | 1.520.000,00 |
| Maison de la Musique | 1.228.300,04 |
| Rouschterstrooss | 521.654,48 |
| CycloCroc | 250.000,00 |
| Mobilitéitsplang fir d'Industriezonen | 220.000,00 |
| Iwwerschwemmungsschutz an der Rue des Forges | 170.560,00 |
| Nei Busarrêts am ZAC Klengbuusbierg | 140.000,00 |
| Masterplang 2030 | 58.500,00 |
| Consultation rémunérée Place de l'Immigration | 106.843,72 |
| Virbereedungskiche fir d'Maison relais an der Primärschoul | 60.000,00 |
| Verschidden Aarbechten um Jugendhaus | 51.316,30 |
| Verschidden Aarbechten um Sprëtzenhaus (ë.a. Installatioun vum Logo CGDIS) | 129.493,16 |
| Ëmbau GreenBis | 57.809,72 |
| Parking am Frounert | 87.039,36 |

Eise Conseiller Christian Hoscheid ass am Detail op d'Entwécklung vun de Personalkäschten agaangen. Bei der Gemengeschold huet hien de Schäfferot wéinst den ablécklech niddregen Zënssätz opgeruff, fir eng Neiverhandlung vun de Gemengescholden an d'Weeër ze leeden.

D'CSV-Fraktioun huet festgestallt, datt op der enger Säit beim Vote vum leschte Budget extrem vill ugekënnegt gouf (dee mir als CSV-Fraktioun deemools net gestëmmt haten), deelweis esouguer mat konkreten Datumer. Dovunner ass awer villes net realiséiert ginn (Beispill : Ausbau vun der Crèche). Positiv ass awer ervirzehiewen, datt grouss Fortschrëtter um Niveau vum Plan d'aménagement général a vun der ZAC Am Seif gemeet goufen. De Standuert vum CycloCroc fënnt weiderhin net eis Zoustëmmung. An de leschten zwee Méint huet sech d'Ambiance am Gemengerot extrem gebessert. Dofir hu mir eis schlussendlech beim Vote enthalen.

## 8) Approbation du budget 2022

De Budget fir dat neit Joer 2022 schléisst mat dësen Zuelen of.

| | |
|---|---|
| Boni de l'exercice 2021 | 6.842.115,27 |
| Recettes ordinaires | 14.515.672,38 |
| Dépenses ordinaires | 12.801.104,58 |
| Boni ordinaire | 1.714.567,80 |
| Recettes extraordinaires | 12.489.452,00 |
| Dépenses extraordinaires | 13.799.839,07 |
| Mali extraordinaire | 1.310.387,07 |
| Boni de l'exercice 2022 | 640.888,72 |
| Boni général à la fin de l'exercice 2022 | 7.246.296,00 |

Fir d'Joer 2022 sinn dës ausseruerdentlech Ausgaben geplangt.

| | |
|---|---|
| Kaf vun Terrains | 2.065.100,00 |
| Annexe fir d'Crèche Margréitchen | 1.600.000,00 |
| Rouschterstrooss | 1.700.000,00 |
| Park An der Bléi | 1.000.000,00 |
| Frais d'études fir en zousätzleche Stack op d'Primärschoul | 500.000,00 |
| Strooss am ZAC An der Seif | 500.000,00 |
| Kanalisatioun an der Rue Michel Stoffel | 435.000,00 |
| Restauratioun vun der Kierch | 400.000,00 |
| Lotissement An der Bléi | 350.000,00 |
| Neien Daach fir d'Hal Frounert | 270.000,00 |
| CycloCroc | 250.000,00 |
| PAP fir de Bauprojet an der Grand-Rue | 250.000,00 |
| Erneiere vun de Weeër um Kierfecht | 200.000,00 |
| Frais d'études fir den neie Gemengenatelier | 200.000,00 |
| Foussgängerleitsystem | 180.000,00 |
| Consultation rémunérée Place de l'Immigration | 150.000,00 |
| Fassade vun der Hal Frounert a vun der Stroossekapell op der Place de l'Immigration | 50.000,00 |
| Frais d'études fir eng Bëschcrèche | 100.000,00 |
| Vergréisserung vum Musée vun de Pompjeeën | 40.000,00 |

| | |
|---|---|
| Frais d'études fir d'Biisser Millen (Bed & Breakfast) | 50.000,00 |
| Frais d'études fir eng Mesure géint Iwwerschwemmungen op der Héicht vum Foussballterrain A Pafent | 50.000,00 |
| Spillplaz um Knapp | 60.000,00 |
| Frais d'études fir den neie Waasserbasseng um Wobierg | 150.000,00 |

Eis Conseillère Joëlle Fagny huet nogefrot, wéi verschidde Gemengegebaier ewéi d'Millen oder an der Grand-Rue genotzt ginn, bis d'Reaffectatioun vun dëse Gebaier méi konkret gëtt. De Buergermeeschter huet betount, datt d'Millen net méi wäert verlount ginn.

Eise Conseiller Frank Clement huet begréisst, datt d'Neiuleeë vun de Weeër um Kierfecht am Joer 2022 attackéiert gëtt. Hien huet zäitgläich op de schlechten Zoustand vun der Kierchentrap opmierksam gemeet.

Am Numm vun der CSV-Fraktioun huet eise Conseiller Carlo Mulbach positiv ënnerstrach, datt de Budget zwee wichteg Haaptakzenter setzt, nämlech an der Drénkwaasserversuergung an am Accueil vun eise jonke Matbierger (Crèche). Hien huet dem Schäfferot d'Ënnerstëtzung vun der CSV-Fraktioun beim Kaf vun Terrains um Klenge Mies zougeséchert, fir hei och Bauterrains fir Biisser Awunner ze schafen.

Hien huet awer och drop opmierksam gemeet, datt d'Gemeng vill Terrains a vill Gebaier kaaft huet a keeft. Elo géif et zielen, dës Terrains ze viabiliséieren. Dat kascht awer vill Suen, esou datt mir an den nächste Joren eng Finanzéierungslück fir déi vill geplangten Investitioune riskéieren. Deemno kéime mir als Gemengerot an Zukunft net laanscht eng Prioritiséierung vun de geplangten Investissementer.

**9) Questions des conseillers communaux**

De Conseiller Georges Lucius wollt wëssen, wéivill Protokoller d'Pechert schonns ausgestallt a wou. Zënter Oktober 2021 goufen d'lescht Joer am Ganzen 121 "avertissements taxés" ausgestallt. Déi meescht Infraktioune gouf et an der Route de Mersch an am ZAC Klengbuusbierg.

Donieft wollt de Conseiller Lucius wëssen, wéini d'Aarbechten um GreenBis fäerdeg sinn a wéini de Café nees opgeet. De Buergermeeschter huet geäntwert, datt d'Aarbechten ofgeschloss sinn. Während der Corona-Pandemie hätt eng Ouverture kee Sënn ginn. Am Ablack leeft awer nach d'Sich no engem Pächter.